Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

D'Gemenge sinn zoustänneg fir d'Begriefnisser an den Ënnerhalt vun de Kierfechter. Normalerweis ass et esou, dass d'Leit an der Gemeng begruewe ginn, wou se wunnen. Et ginn awer Fäll, wou d'Leit an där Gemeng wëlle begruewe ginn, wou si sech zougehéireg gefillt hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Erlaabt d'Gesetz et, dass eng Persoun an enger anerer Gemeng ka begruewe ginn, wéi där wou se wunnt?
2. Ass et de Gemengen selwer iwwerlooss, ob si eng verstuerwe Persoun aus enger anerer Gemeng op hirem Territoire bäisetze wëllen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten